



# Verschèrzt Gléck.

Perso'nen:

Fra Martin, eng Wäschfra.  
Anni, hir Duechter. Ne'esch.  
Eng Fee.  
En Déngschtmedchen.

## I. Akt.

### 1. Scène.

(*En einfach Zemmer: en Desch, e puer hölze Stil, eng Ne'maschin; d'Anni setzt do ze ne'en, seng Mamm schiélt Gromperen.*)

*Mamm:* Et ass dach bosseg datt d'Gromperen det Joer eso' guer gefélt sin, dat hun ech nach net erliéft. Wa mir këng friém kritt hätten, a wat hätte mir gemâcht!

*Anni:* Jo, ech wêss och net wat da gi wär, wo' ê Joer aus Joer an weider neischt z'iésse kritt ewe' Gromperen. Wat ass dat e Liéwen elei.

*Mamm:* Alt erem de' al Leier! Wanns du dach émol me' zefridde wärs. Kuck emol, we'll Leitt hun net wat mir hun!

*Anni:* A we'll hu me'! Du kucks emmer erof, ma ech kucken erop, op de', de' iwer ons sin, an da gesin ech wat mir alles félt.

*Mamm:* Wat hues du dann? Dat bréngt der weider neischt an ewe' Onzefriddenhét, a Reichtom mecht net emmer glécklech!

*Anni:* Armut och net. A wann ech èngem èppes kennt liuelen,  
ech déng et.

*Mamm:* Och nach dat, mei Gott, wat en onglécklecht Kand,  
du wêss dach, datt e'erlech am längsten dauert.

*Anni:* Jo, am längsten fir reich ze gin! (*No ènger klènger Paus.*) Hätt de' virwetzeg Eva ons démols d'Paradis  
net verspillt, da wär alles bësser op der Welt. Ech wär  
net eso' domm gewiéscht. — (*Réngt d'Hänn.*) Oh, wesst  
ech nemmen e Mettel... (*Et stockt a kuckt erschrèckt op  
d'Dir, do stêt eng wonnersche' Fee; lângt weiss Klêd,  
golden (oder selwer) Ceintür, d'Hoer de Réck eran an  
eng golde Kro'n um Kapp, oder e Rêj em d'Stir. Si huet  
e Schleier em sech gewéckelt a get vu baussen aus bén-  
galesch belicht.*)

## 2. Scène.

(*D'Bühn get verdonkelt.*)

*Fee:* Erschrèckt net, dir gutt Leitt, ech hun alles he'eren wat  
dir gesot hutt. Net jidderên kann Armut an Elènd mat  
Gedold droen. Wo' ech kann hellefen, do din ech et  
giren. Dir kommt vun hauft un an e sche'nt Schlass wunnen,  
wo' der alles hutt, ewe' de' reich Leitt. Der braucht  
neischt ze mâchen an der kennt iéssen an drénken wat  
dir wellt.

*Anni:* Oh, soll dat me'glech sin, ech kann et bal net gléwen!

*Fee:* Nu wårt, et ass eng klèng Bedéngong derbei; ewèll  
emesoss ass neischt op der Welt. — Um Schlass stêt an  
ènger Zemmer ê Schâf, an dém ass eng klèng Kescht, de'  
duerf ni ên opmâchen, dir och net, so'bal ewe' dir se op-  
mâcht, muss dir erein an èrt âlt Liéwen zeréckke'eren.

*Anni:* Ach, eso' eng Klèngegkêt, wat leit ons un déer Kescht!  
Da kenne mir honnert Joer am Schlass wunnen!

*Fee:* Ech hun iech ère Wonsch erfellt. dir hutt et nun an der  
Hand reich a glécklech ze gin.

(*Vorhang fällt.*)

## II. Akt.

### 3. Scène.

(*E reich miwle'ert Zemmer (no Beliben), d'Anni setzt sche' gebotzt beim Desch an 't schiélt eng Orange, seng Mamm setzt an der Fotèll. Et klappt.*)

*Anni:* Herein! (*En Déngschtmedche kent an d'Dir.*)

*Anni* Ah, dir set et, Elise, wat well dir?

*Elise:* Ech komme froen, ob de' Damme neischt brauchen,  
ech géng giren e besschen bis hêm, wèll et haut Sonn-deg ass.

*Anni:* Jo, dir kennt goen, mè måcht datt dir em fenef Auer  
erem sit. (*Elise of.*)

### 4. Scène.

*Anni:* (*schmunzelt.*) «De' Dammen», hues du dat he'eren?  
Wat sés de duerzo'? Gèlt, dat ass anescht we' vun Haus zo'  
Haus mat der Wäschkescht ze lafen, we's du et hues  
misce mâchen, an ech mech vun all Efalt kujone'ere ge-  
lôss hun, a mer d'Aen ausgekuckt mat dém Gebitz Nuecht  
an Dag. Hèrgott, we' sin ech eso' fro'? Wat kucken  
s'all, de' Neidvullen, wann ech eso' gebotzt iwer d'Strôss  
gin, sî fure bal aus der Haut. Nêñ, wien hätt dat kennen  
dènken, ech mènge sèlwer et wär en Drâm.

*Mamm:* Ech och, ech komme net a mei Fridd!

*Anni:* Oh, ech komme schon dran, dat elei gêt mir bësser  
we' dat ârmt, hongerecht Liéwen dohém. — Wells du e  
Stéck Orange? (*Sî iéssen e Stéck.*)

*Anni:* So fenns du dat net droleg mat déer Kescht? Et leît  
mir jo neischt drun, mè ech wesst nemme giren fir wat  
ass dat verbueden ass fir de' op ze mâchen. Wat soll  
wuel eso' hèlleges dora sin?

*Mamm:* Schwètz le'wer net dervun. Et ass jo am Enn êndun  
wat dran ass, mâch nemmen datt mir dat sche'nt Liéwen  
elei behalen.

*Anni:* Jo, du hues Rècht! — Mè wëss du wat ech mèngen?  
Ech mèngen et wär Gold dran oder vleicht Diamanten!

Oh, Diamanten, we' schwärmen ech fir de'! Ech war émol kucken we' e gro'sse Bal war, oh, wat war dat sche'n, ê Gegletzer an ê Gefénkel, et wor ên ewe' verblent nach eng Stonn hannerno. — Wann ech wesst datt déer dra wären, — dat wär och am Enn këng Senn wann ech e besschen ge'f lüssen!

*Mamm:* Et wär bësser du ge'fs un èppes anesch dënken.

*Anni:* (*Dènkt e besse no.*) Ach wat, elo gin ech s'emol huelen. Et wëss jo kën et.

(*Et gët aus a kent erem mat ènger sche'ner Keschtgen.  
Et bekuckt se vun alle Seiten.*)

*Anni:* Si ass net schwe'er, et kenne gutt Diamanten dra sin.  
(*'T mecht d'Kescht op.*)

*Anni:* (*erschrëckt*) Et ass neischt dran ewe' en Ziédel. (*Falt en ausernén a liést hard:*)

Well nun dei Virwetz huet seng Ro',  
Mâch du den Deckel erem zo'  
A pâckt — 'so' schârf we' der kennt mâchen,  
Du an deng Mamm èr siwe Sâchen.  
Op dén, dé sech net kann enthalen,  
Do musse schwe'er Strofe falen.

(*D'Anni le'sst sech op e Stull falen, am sèlwechten Abléck erschéngt d'Fee. Si kuckt be's.*)

## 5. Scène.

*Fee:* Also ass d'Hèrlechkêt schon um Enn. Do geseis du Anni, datt ên sech kémol duerf verhëschen. Wanns du gemëngt hues du hätts et net gemâch ewe' d'Eva, dann hues du jo elo d'Pro'f. Mè ewe' si huet missen eraus aus dem Paradis, eso' musst dir och elei eraus. Do ass kë Rot a këng Gnod. Git erem wo' der hirkomm set. (*Strèckt d'Hand aus.*)

*Verschérzt ass èrt Gléck  
't kent ni me' zeréck!*

(*D'Anni lét de Kapp op den Desch, seng Mamm kreischti, an èngems fällt de Vorhang.*)